

Charta

fir d'Schoul an d'Maison Relais
vu Colmer-Bierg



Virwuert vum Buergermeeschter

Wéi mir viru 50 Joer an d'Schoul gaang sinn, gouf nach mam Griffel op d'Schiefertafel geschriwwen a vum Schoulmeeschter oder dem Paschtouer gouf et och mol eng an d'Laiskall. Doheem hu mir léiwel näischt dovunner erzielt, well de Schoulmeeschter an de Paschtouer waren d' Autoritéiten am Duerf an déi sinn net a Fro gestallt ginn.

6 Deeg an der Woch war Schoul, an um Sonndeg gounge mir an d'Mass. Fernseher, Internet a Computer gouf et net, an eis Fräizäit war definitiv anescht organiséiert. D'Gesellschaft huet sech verännert an och eis Schoul ass anescht ginn, woubäi d'Grondziler vun der Schoul, Bildung an Erziéung, nach ëmmer déi selwecht sinn.

D'Schoul an eis Gesellschaft hu geännert, op deemools oder haut besser war an ass, well ech net diskutieren. An der Schoul vun haut sinn nieft dem Léierpersonal d'Eltere gefuerdert, hiren Input ze ginn an och d'Personal aus der Maison Relais gëtt mat ageboren. Matsproocherecht vun den Elteren ass haut eng Selbstverständlechkeet a wa mir och vu Kompetenze schwätze (an nach eng ganz Rei aner nei Vokabelen an Ofkierzungen benotzen) ass d'Viraussetzung Bildung, also dat selwecht Zil wéi zu eiser Zäit.

Mat engem Auslännerrundeel vu ± 50% ass natierlech nach eng aner Erausforderung un eis Schoul eru bruecht ginn, an dat ass d'Integratioun vun den auslännesche Kanner. Dëst bréngt matt sech datt déi sozial Wäerter, opgebaut op ee respektvoll Mateneen, ee grousses Stelleväert kritt hunn.

Wat d'Engagement vun der Gemeng ugeet, sou solle mir suerge fir adequat Infrastrukturen a Raimlechkeeten a fir e séchere Schoulwee fir eis Kanner. D'Kanner solle léiere liese, schreiwen a rechnen. D'Schoul soll Freed maachen, si soll eng Schoul fir d'Liewe sinn an där Respekt an Toleranz ënnerenee matt am Vierdergrond stinn.

Eegrousses MERCI un all d'Leit déi aktiv gehollef hunn des Charta auszeschaffen. Eise Liewen mat dëser Charta wënschen ech dee néidegen Erfolleg, an eise Kanner an dem Léierpersonal eng flott an erfollegräich Schoulzäit.



Gast Jacobs
Buergermeeschter



Centre Scolaire Grand-Duc Henri
Maison Relais Piccolini
COLMAR-BERG

Des Charta gehéiert dem





Eis Regeln




Mat Freed geet d'Saach
mêi lîcht vun Hand.




Mir behandelen déi
aner, wêi mir och
wêlle behandelt ginn.
Mir lauschteren eis
géigesäitig no an di
kengem kierperlech
oder séilesch wêi.



Mir akzeptéieren
jiddere sou, wêi en ass.
Jiddereen huet d'Recht
anescht ze sinn an ze
denken, ouni engem ze
schueden oder een ze
verletzen.




Mir hëllefen eis
géigesäitig an halen all
zesummen, sou komme
mir mêi séier un d'Zil.



Mir hunn e Recht
op Informatioun an
d'Pflicht se vertraulech
ze behandelen.
Mir tauschen eis
regelméisseg aus.




Mir sinn oppen an éierlech
mat eis selwer a mat
deenen aneren a verhalen
eis esou, dass keen
Angscht muss hunn.




Mir sinn all Dag mat Freed
dobäi. Mir schaffen mat
vollem Asaz an ginn net
ze séier op.



Mir droen eisen Deel
bäi, mir hëllefe mat
a mir iwwerloossen
d'Aarbecht net nëmmen
deenen aneren.



Mir halen eis un
d'Regelen, erfëllen eis
Pflichten an akzeptéieren
d'Konsequenzen.




Fir dass mir eis kënne
wueffillen, hu mir all
déiselwecht **Rechter** a
Flichten an akzeptéieren
d'**Konsequenzen**



Ech hunn d'Recht, an enger friddlecher
Atmosphär ze léieren.

Ech wende keng Gewalt un.

A schwéiere Fäll ginn d'Elteren direkt
informéiert.




Ech wëll fair behandelt ginn.

Ech verneen keen, stëppelen net a scho guer
net zu puer géint een.

D'Léierpersoun/den Erzéier regelt
d'Konsequenze vu Fall zu Fall.



Ech hunn d'Recht op Raimlechkeeten, Schoul-
a Sportmaterial, déi mer et erlaben, mech
wuelzefillen a gutt ze schaffen.



Ech halen d'Raimlechkeeten an d'Material
propper a machen näischt futti.

Wann ech eppes knaschteg maachen,
maachen ech et propper.


Wann ech eppes futtimaachen, gi meng Elteren
informéiert. Wa méiglech, ersetzen ech et oder
et gëtt no enger Méiglechkeet gesicht, fir et ze
flécken.



Ech hunn d'Recht, mech sécher an de Gäng
an an den Treppe ze beweegen.

Ech lafen net am Gank a stoussen déi aner Kanner net.

Ech ginn de Wee zréck, deen ech gelaf sinn.



Ech hunn d'Recht op eng propper
Toilette.

Ech hunn d'Flicht, d'Toilette
propper ze halen.


Wann ech eppes an den Toilette
knaschteg maachen an dobäi
erwëscht ginn, muss ech et
propper maachen.



Turnen a Schwamme si wichtig fir mech.

Ech verhole mech anstänneg a roueg an de Vestiairen.


Wann ech mech net dodrun halen, ginn ech eng Kéier net mat turnen oder schwammen.



Ech hunn d'Recht op Erhuelung a Spill.

Ech spillen ouni ze streiden.


Ech kréien een «Time-out» zu mengem eegene Schutz an zum Schutz vu menge Matschüler.



Ech spille gär an engem proppere Schoulhaff.

Ech halen den Haff propper.


Ech muss mäin Dreck oprafen.




Ech hunn d'Recht op e séchere Schoulwee.

Wann ech mam Bus fueren, bleiwen ech setzen, strécke mech un a jäischen net.


No dräi Verwarnunge kréien ech meng Buskaart ofgehall an ech duerf eng Zäitchen net mam Bus matfueren.



Fir d'Sécherheet vum Schoulwee vun alle Kanner ze garantéieren, parken d'Elteren hir Autoe laanscht de Park, wa se d'Kanner bréngen oder ofhuelen.



Maison Relais Piccolini



Ech verbréngen eng gemittlech Mëttesstonn a ka mech gesond an ofwiesslungsräich ernären.

Fir datt jiddereen d'Mëttesstonn genéissee kann, jäizen ech net a loossen déi aner ausschwätzen. Ech respektéieren d'Iessen.


Wann ech mech net drun halen, kann ech net bei mengem Grupp um Dësch sëtze bleiwen a kréien en «Time-out».



Ech däerf meng Hausaufgaben an enger roueger Atmosphär maachen.


Ech stéiere meng Matschüler net beim Schaffen.

D'Erzéier reegelen d'Konsequenz individuell am Grupp.




D'Responsabilitéit an d'Kontroll vun den Hausaufgaben bleift bei den Elteren

Sportlech Aktivitéit a Beweegung an der Natur maache
Spaass a si gesond!



Ech brauch dat richtegt Material, fir un den
Aktivitéiten an der Maison Relais kënnen
deelzehuelen.



Meng Elteren
hëllefe mir, u meng
Schwammsaachen,
Turnsaachen, an dem
Wieder ugepasste
Kleeder ze denken.

D'Wuert vum Schoulspekter

Kanner verbrénge ronn 9000 Stonne vun hirem Liewen an der Grondschoul, d'Léierinnen an d' Schoulmeeschter sou gutt wéi dat Sechsfacht. Dat ass eng laang Zäit! Do ass et wichteg, dass ee gemeinsam duerfir suergt, dass an der Schoul och eng flott Ambiance herrscht, wou souwuel Kleng wéi och Grouss sech wuel fillen a gär all Dag dohinner kommen.


Ech félicitéieren all den Acteuren, déi sech zesumme gesat hunn, fir dës flott Schoulcharta op d' Been ze stellen: d' Kanner, hir Elteren, d'Léierpersonal, d' Maison-Relais an d' Gemengenautoritéiten. Et ass ee gudde Point de départ, all d' Schoulpartner mat am Boot ze hu bei der Opstellung vu Regeln, fir dass d'Zesummeliewen an d'Léieren an der Schoul optimal kënnen oflafen.

Lo gëlt et, déi wichteg Wäerter wéi Vertrauen, Respekt, Toleranz, Éierlechkeet, asw. och mat Liewen ze fëllen. Dës däerfe keng eidel Wiender an enger flotter Brochure bleiwen, mee jiddereen, deen an der Schoul zu Colmar an an aus geet, soll am Geescht vun där Charta säin Deel dozou bäidroen, dass et sech all Dag op en Neits nees lount, e puer Stonne vu sengem Liewen do ze verbréngen.

Ech wënschen der Charta ganz fruchtbare Buedem!

Gérard Roettgers
Schoulspekter

Mir hunn d'ganz Charta duerchgelies
an erklären eis mat alle Punkten
averstan an halen eis drun.



Ënnerschrëften :

Educateurs

Commune

Rob's

Parents

Enseignants

Enfant